

SYN ER GIE

ABRÉIL 2022 #66

De Regionalmagazine Atert-Wark vum Kanton Réiden



**KANTON
REIDEN**





MAACHT EEN
DON
GITT DER HOFFNUNG
ENG CHANCE

SAVE THE DATE
7. Mee 2022
Télévie Zenter Mäerzeg
www.mertzig.lu

Den Don ass steierlech ofsetzbar duerch d'Kollaboratioun mat der Fondatioun Kiwanis Lëtzebuerg, établissement d'utilité publique (RCSL G124).

VIREMENT

Un caractère MAJUSCULE (BLEU ou NOIR) ou signe par case en cas d'écriture manuscrite

Code BIC de la banque du bénéficiaire

CCRALULL

EUR ou

Montant

N° de compte du bénéficiaire

LU60 0099 7814 7024 0431

Nom de la banque du bénéficiaire (uniquement si code BIC non indiqué)

Code Pays

Nom et adresse du bénéficiaire

Centre de promesse Mäerzeg

Code Pays de résidence

22, rue Principale - L-9168 Mertzig

Communication au bénéficiaire

DON TELEVIE 2022

Reporting

N° de compte du donneur d'ordre

Avis de débit

Nom et adresse du donneur d'ordre (Max. 4 lignes)

Date d'exécution souhaitée

Date et Signature

Frais à charge (par défaut = PARTAGÉS)

ou

ou

PARTAGÉS

Bénéficiaire

Donneur d'ordre

Impressum

Rédaction, direction artistique,
illustration, mise en page
& suivi de production
Art & Wise s.à r.l.

Editeur responsable
Art & Wise s.à r.l.

Impression
Imprimerie Reka s.a.

Renseignements
& réservations
T 23 62 43-20
info@artandwise.lu

© Art & Wise s.à r.l.

Tous droits réservés. Toute
reproduction, ou traduction,
intégrale ou partielle, est
strictement interdite sans
autorisation écrite au
préalable de l'éditeur.

Prochaine parution
Fin juin 2022

Clôture annonce
Début juin 2022

Tirage
13.229 exemplaires

Magazine régional d'information
bimestriel édité par Art & Wise s.à r.l.
en collaboration avec le Syndicat
Intercommunal „Kanton Réiden“ et
le Groupe d'Action Locale Leader
Atert-Wark.



Fonds européen agricole pour le
développement rural: l'Europe
investit dans les zones rurales.

Sommaire

02 Neiegkeete
vum „Pakt vum
Zesummeliewen“ an
Hëllef fir d'ukrainesch
Flüchtlingen



07 De Mix mécht et

08 D'Sonnenenergie
doheem notzen



11 Ech verloune
solidaresch!

12 Solar Community
Schwebach -
16 maisons à
énergie positive

14 Investéiert a Gringgo,
investéiert an eng
nohalteg Regioun!


18 Grënnung vun enger
Bierger-Energie-
Kooperativ am
Kanton Réiden



20 Comment aller en ville
depuis chez vous ?

27 Neien Numm fir
den TouristInfo

29 Jemp Schuster



30 Uselding am
Mëttelalter

34 CUBE 521

38 Agenda

Neiegkeete vum „Pakt vum Zesummeliewen“ an Hëllef fir d’ukrainesch Flüchtlingen

Nouvelles du « Pakt vum Zesummeliewen »
et d’aide aux réfugiés ukrainiens

Wéi an der leschter Synergie ugekënnegt, hu mir elo eise Comité de Pilotage ageriicht. De besteet aus jeeeweils engem Verrieder aus den Integratiounskommissiounen vum all eise Gemengen, dem Thierry Lagoda, dem Mike Poiré an dem Nico Kraus als Verrieder vum Kanton Réiden a Mäerzeg an den 2 Integratiounsberoder Paul Estgen vum Centre d’Étude et de Formation Interculturelles et Sociales (CEFIS) an ech. D’Gemengen, déi nach keng Integratiounskommissioun hunn, schécken e Gemengeverrieder. Also mir kënnen elo schaffen a fänken direkt un.

Den nächste Schratt ass, d’Biergerateliere virzebereeden. Dofir wëllen sech all Integratiounskommissiounen treffe fir hir fréier Erfarungen ze deelen: wéi eng Aktiounen hunn schonn an de jeeeweilige Gemenge stattfonnt? Wat huet funktionéiert a wat net? Vun wat kéinten och aner Gemenge profitéieren? Zur selwechter Zäit schafft de CEFIS fir eis un der Analyse vum de Resultater vum der Ëmfro, un déi Dir viru kuerzem konnt deelhuefen. Wa mir dat hunn, wësse mer wat d’Domäne sinn, op deene mir fir d’éischt wëlle schaffen a mir kënnen lech an d’Biergeratelieren invitéieren.

Awier ier mer déi zweet Hallschent vum Joer kucken, fokusséiere mer elo op dat wat am meeschten evident ass: d’Situatioun an der Ukrain. Wien hätt sech Ugangs des Joers erwaart, wéi vill d’Welt sech an esou kuerzer Zäit géif änneren. An elo ass zanter méi wéi engem Mount an der Ukrain e schreckleche Krich, dee vill Leit zur Flucht zwéngt. Et ass eng Saach vum der Mënschlechkeet ze probéieren,

d’Leed vun de Flüchtlingen sou vill wéi méiglech ze reduzéieren an et ass gutt ze gesi wéi vill Leit hei am Land wëllen hëllef, spenden an sech engagéieren.

Opgrond vun der aktueller Situatioun war et och déi éischt Decisioun vum Comité de Pilotage fir ze probéieren d’Ënnerstëtzung hei am Kanton a Mäerzeg tëscht de Gemengen esou gutt wéi méiglech ze koordinéieren. Dëst beinhalt d’Leit ze informéieren, déi hëllef wëllen, wéi och d’Äntwerten op Froen ze ginn, déi aus enger temporärer Ënnerkunft entstinn, souwéi praktesch Berodung oder Iwwersetzungssewicer. Natierlech ass den éischte Kontakt fir all Bierger ëmmer d’Gemeng, déi mir mat ënnerstëtzen, well och dat ass Zesummeliewen.

Dofir wéilt ech och d’Geleeënheet notze fir e puer nützlich Tipps ze gi wou een hëllefäich Informatioun féint:

- De Familljeministère huet eng Säit fir Iwwernuechtungsméiglechkeeten ze mellen an Hëllef ze bidden: <https://mfamigr.gouvernement.lu/fr/dossiers/faq/ukraine.html>

- D’Caritas huet eng Hotline um +352 621 796 780 an och eng Informatiounssäit ageriicht: <https://www.caritas.lu/caritas-news/actualites/informations-pratiques-sur-larrivee-au-luxembourg-des-personnes-fuyant-la>

- An als allgemeng Informatioun iwver folgend wichtegst Themen:

- **Gesondheet:** De Luxembourg City Medical Center offréiert

Consultatiounen. Leit aus der Ukrain kënnen hei behandelt ginn ouni Assurance oder CNS Nummer.

Adress: Centre Médical
23, Val Fleuri
L-1526 Luxembourg

- **Aarbecht:** Persoune mat temporärem Schutzstatus kënnen d’ADEM per E-Mail (info@adem.etat.lu) oder iwver Telefon (+352 247 88888) kontaktéieren.

- **Schoul:** Informatioun iwver Schoulausbildung fir Kanner vum 3 bis 19 Joer ass verfügbar vum de SECAM-CASNA Sewicer vum Ministère fir National Educatioun, Kanner a Jugend.
Englesch: +352 247-76570
Ukrainesch: +352 247-76976.

E grouse Merci un all déi, déi sech an dëser schwiereger Zäit engagéiere fir Leit an akuter Nout ze hëllef. Ech hoffen, dass dës Haltung eis net nëmmen hëlleft, déi aktuell Kris ze bewältegen, mee och weider erhale bleibt, fir eist Zesummeliewe mateeneen ze gestalten a laangfristeg ze verbessern.

Karsten Kuepper

Comme annoncé dans la dernière édition du Synergie, nous avons mis en place notre Comité de pilotage. Il est composé d'un représentant de chacune des Commissions Consultatives Communales d'Intégration (CCCI) de toutes les communes et de Thierry Lagoda, Mike Poiré et Nico Kraus en tant que représentants du Kanton Réiden et Mertzig ainsi que Paul Estgen (CEFIS) et moi-même en tant que conseiller et chargé à l'intégration. Les communes qui n'ont pas encore de CCCI ont affecté à la place un représentant communal. Nous sommes donc maintenant en mesure de travailler et nous allons commencer tout de suite.

La prochaine étape consiste maintenant à préparer les ateliers citoyens. À cet effet, toutes les CCCI souhaitent se réunir afin de compiler leurs expériences antérieures : Quelles actions ont déjà eu lieu dans les communes respectives ? Qu'est-ce qui a fonctionné et qu'est-ce qui n'a pas fonctionné ? De quoi les autres communautés pourraient-elles également bénéficier ? En parallèle, le CEFIS travaille sur l'analyse des résultats de l'enquête à laquelle vous avez pu participer récemment. Une fois que nous les aurons, nous saurons quels sont les domaines sur lesquels nous voulons travailler en premier et nous pourrions vous inviter aux ateliers citoyens.

Mais avant d'aborder la seconde moitié de l'année, regardons ce qui est le plus évident : la situation en Ukraine. Qui aurait pu s'attendre au début de l'année à quel point le monde allait changer en si peu de temps. Et maintenant, une terrible guerre se déchaîne en Ukraine depuis plus d'un mois, ce qui force d'innombrables personnes à se réfugier. C'est une question d'humanité d'essayer d'alléger au maximum la souffrance de ces personnes et il est touchant de voir combien de personnes veulent aider, donner et s'impliquer afin d'aider les nouveaux arrivants ici au Luxembourg.

Au vu de la situation actuelle, il était la première décision du Comité de pilotage d'essayer de coordonner au mieux le soutien ici dans le canton et à Mertzig. Cela comprend le soutien aux personnes qui souhaitent aider, ainsi que la réponse aux questions ou des conseils pratiques pouvant découler de l'hébergement temporaire, ou des services de traduction. Le premier point de contact pour tous les ci-

toyens reste bien-sûr la commune – avec notre soutien, comme le « vivre ensemble » joue ici.

Cependant, je voudrais profiter de l'occasion pour donner quelques conseils utiles sur les endroits où trouver des informations utiles :

- Le Ministère de la Famille a une page pour signaler les opportunités de logement et propositions d'aide : <https://mfamigr.gouvernement.lu/fr/dossiers/faq/ukraine.html>
- Caritas a mis en place une hotline au +352 621 796 780 ainsi qu'une page d'information : <https://www.caritas.lu/caritas-news/actualites/informations-pratiques-sur-larrivee-au-luxembourg-des-personnes-fuyant-la>
- Informations générales sur la santé, le travail et les enfants :
- **Santé** : Le Luxembourg City Medical Center propose des consultations par des médecins généralistes – les Ukrainiens peuvent également y être soignés sans affiliation à une assurance ni numéro de CNS.
L'adresse du centre médical :
23, Val Fleuri
L-1526 Luxembourg



- **Travail** : Les personnes bénéficiant du statut de protection temporaire peuvent contacter l'ADEM par email (info@adem.etat.lu) ou par téléphone (+352 247 88888).
- **Scolaire** : Les informations sur la scolarisation des enfants de 3 à 19 ans sont disponibles auprès des services SECAM-CASNA du Ministère de l'Education Nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.
Anglais : +352 247-76570
Ukrainien : +352 247-76976

Un grand merci à tous ceux qui s'engagent à aider les personnes nécessiteuses en ces temps difficiles. J'espère que cette attitude nous aidera non seulement à maîtriser la crise actuelle, mais continuera également d'exister pour façonner ensemble notre coexistence et l'améliorer à long terme.

Karsten Kuepper



**Pakt vum Zesummeliewen
Maison Worré**

11, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 28 334-210
karsten.kuepper@kanton-reiden.lu
www.zesummeliewen.lu



Gewässervertrag Attert / Contrat de Rivière Attert

Internationaalt Team botzt d'Attert

Une équipe internationale nettoie l'Attert

Ënnert bloem Himmel a gefillten Minustemperaturen huet sech Ufank Mäerz een internationaalt Team vu Leit aus Russland, Argentinien, Spuenien, Frankräich a Lëtzebuerg Rendezvous ginn, fir d'Attert um Territoire vun der Gemeng Bissen ze botzen.

Début mars, sous un ciel bleu et des températures glaciales, une équipe internationale formée de personnes originaires de Russie, d'Argentine, d'Espagne, de France et du Luxembourg s'est donnée rendez-vous pour nettoyer l'Attert sur le territoire de la commune de Bissen.



Maison de l'Eau de l'Attert a.s.b.l. 43, Grand-Rue L-8510 Redange
T +352 26 62 08 08 maison.eau@attert.com www.attert.com

Ee grouse Merci un déi Mannschaft vum Kayak-Club Lëtzebuerg fir hir Motivatioun an hiren Asaz op der Atert. D'Billen weisen, dat dësen Asaz net vu Muttwëll war. No 4 Stonnen um Waasser an 1,5 km Faart war d'Atert ëm 45 kg Offall méi liicht (an d'Zéiwien an de Booten no um Gefréierpunkt).



Den Offall aus der Atert gouf entweder am Schlepptau nogezunn...
Les déchets récoltés dans l'Attert sont soit remorqués...

... oder vir op de Capo getässelt.
... soit déposés à l'avant du kayak.



Verschiddenes war awer einfach ze grouss! Dann gouf dee Punkt un de Service Technique vun der Gemeng weidergeleet.
Certains objets étaient vraiment trop grands. L'emplacement était dès lors transmis aux services techniques de la commune.

9 Säck Offall an e puer méi voluminös Saachen goufen op enger Streck vun 1,5 km opergef.
9 sacs de déchets et quelques objets plus volumineux ont été récoltés sur une distance de 1,5 km.

Un grand Merci à toute l'équipe du Kayak-Club Luxembourg pour leur motivation et leur engagement sur la rivière. Les images démontrent bien que l'action n'était pas en vain. Après 4 heures et 1,5 km de trajet sur l'eau, l'Attert était allégée de 45 kg de déchets (et les orteils à l'intérieur des kayaks proches du point de congélation).



„A wat leit dann do?“
« Et que voit-on là ? »



Ee ganze Caddie?!
Tout un caddy ?!



Gesäit eigentlech nach gutt aus...
Il est encore presque en bon état...



... kann nach gefëllt ginn!
... et peut encore servir.



Maison de l'Eau de l'Attert a.s.b.l.
43, Grand-Rue
L-8510 Redange
T +352 26 62 08 08
maison.eau@attert.com
www.attert.com

De Mix mécht et

Faisons le choix de la mixité

Fir äre Gaart, musst dir lech net onbedéngt fir een intensive Wues oder eng wëll Blummewiss entscheiden. Dir kennt och einfach ee Mix maache mat engem Deel Wues, méi kuerz geschnidden, wou ee mol mam Ball kann drop spillen.

Een aneren Deel, vläicht méi hannen aus, kennt dir dann och einfach mol manner oft méinen. Wann dir déi Fläch nëmmen all Mount oder all zwee Méint ee Mol méint dann hutt dir schonn eppes fir eis Biodiversitéit gemaach, an dir hutt och nach Zäit beim Méine gespuert. Do kennen da schonn e puer Blummen opkommen an sech esou vermeeren.

Zousätzlech kennt dir dann och nach op der Säit vum Haus oder an engem Eck vum Gaart, eng Wëllblummewiss uséinen. Déi bréngt dann och nach zousätzlech Faarf, Liewensraum a Nahrung fir d'Insekten am Gaart. Déi Fläch braucht dir dann nëmmen 1 Mol am Joer ze méinen. Fir déi kleng Kanner ass dat ëmmer eng flott Platz well een do d'Natur an d'Insekte ka beobachten.

Bei eis am Waasserhaus zu Réiden, kënn dir eenheemesch Wëllblummesom (fir 25-30m²) kafen, deen aus regionalem Ubau kennt. Des Mëschunge stamen aus enger Zesummenaarbecht tëschent dem Naturschutzsyndikat SICONA, dem Naturmusée an der Firma Rieger-Hofmann, dat ganz finanziéiert vum Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung.

Kommt roueg bei eis, um 43, Grand-Rue zu Réiden laanscht. Mir maachen eis eng Freed lech ze beroden.

Pour votre jardin, nous n'êtes pas obligé de choisir entre du gazon intensif ou une prairie fleurie plus sauvage. Vous pouvez aussi choisir de réaliser une association entre d'une part une surface gazon tondue plus court ou l'on peut, par exemple, jouer à la balle.

Dans une autre partie, éventuellement plus en retrait, vous pouvez décider de laisser pousser votre gazon. En n'y passant la tondeuse qu'une fois tous les mois voir tous les deux mois vous contribuez déjà significativement à améliorer la biodiversité de votre jardin tout en gagnant du temps lors du passage de la tondeuse. Ainsi vous permettez déjà la venue de quelques fleurs qui auront une chance de se multiplier.

En plus de cela vous pouvez encore semer, par exemple sur le côté de la maison ou dans un coin du jardin, un mélange de fleurs sauvages indigènes. Ceci permettra d'apporter des couleurs supplémentaires ainsi qu'un refuge et de la nourriture pour les insectes. Cette surface n'aura besoin d'être faucher qu'une fois par an. Pour les enfants elle est un endroit fort apprécié pour découvrir et observer la nature et les insectes.

Chez nous, à la Maison de l'Eau à Redange, vous pouvez vous procurer des semences de fleurs sauvages indigènes (pour 25-30 m²) issues de cultures régionales. Ces mélanges proviennent d'une collaboration entre le SICONA, le musée national d'histoire naturelle et la firme Rieger-Hofmann, le tout financé par le Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable.

Passez nous rendre visite, au 43, Grand-Rue à Redange. Nous nous ferons un plaisir de vous conseiller.



Maison de l'Eau de l'Attert a.s.b.l.
43, Grand-Rue
L-8510 Redange
T +352 26 62 08 08
maison.eau@attert.com
www.attert.com

D'Sonnenenergie doheem notzen

De Réidener Energieatelier huet de 16. Mäerz een Info-Owend zu Réiden zum Thema „Sonnenenergie doheem notzen“ organiséiert. Di grous Unzuel vun interesséierte Bierger beweist, dass dëst Thema ganz aktuell ass.



Hei kënnt Dir een Interview mam Energieberoder vum Réidener Energieatelier, dem Marcel Barros, iwwer dëst Thema liesen:

Marcel, mécht d'Solarenergie iwwerhaupt bei eis zu Lëtzebuerg Sënn, wou mer oft keng Sonn de ganzen Dag gesinn?

Jo, d'Solarenergie mécht och hei zu Lëtzebuerg absolut Sënn, wou mir vun ongeféier 1000 Sonnestonnen am Joer kënnen ausgoen. Dat ass vill Energie, sief et fir eist Dusch- an eist Heizungswaasser waarm ze maachen (thermesch Solaranlage) oder sief et fir kostbare Strom mat enger Fotovoltaik-Anlage ze produzéieren.

D'Sonn schéckt eis dës Energie GRATIS erof, da komm mir si clever a profitéieren dervun! A finanziell lount et sech definitiv och, no ronn 8 Joer huet sech eng Anlage amortiséiert.

Fänke mer mat der Fotovoltaik-Anlage un. Wat kascht dat a kréien ech finanziell Hëllef dofir?

De Präis hänkt vun der Anlage-Gréisst of. Wat Dir méi Solar-Moduler instaléiert, wat de Präis pro Modul weinst de Fixkäschte méi bëlleg ass:

- 1.500 €/kWp fir méi kleng Anlagen (< 15 kWp)
- 1.000-1.200 €/kWp fir méi grous Anlagen (15 – 30 kWp)
- < 1.000 €/kWp fir ganz grous Anlagen (> 30 kWp)

Dir kënnt mat 5 m² Daachfläch rechnen fir 1 kWp Leeschtung ze kréien.

Fir Anlage bis 30 kWp kritt Dir eng Primm vun 20% um Präis hTVA. Fir de Strom, deen Dir un Enovos verkaaft, kritt Dir 0,1506 €/kWh fir eng Anlage, déi dëst Joer un d'Netz geet. Dësen Tarif ass fir di nächst 15 Joer garantéiert.

Stëmmt et, dass et de Moment ganz schwierig ass eng Firma ze fannen, déi an de nächste Méint eng Anlage montéieren?


Jo, weinst de geckegen Energiepräisser (Hausse vun 240% um Masutt tëscht 2020 an 2022) ginn et ëmmer méi Leit, déi hier eegen Energie wëlle produzéieren. D'Handwerker kommen der grousser Nofro net no an esou kënnt et leider zu laange Waardezäiten.

Wéi fannen ech eraus, ob sech mäin Daach fir d'Notzung vun der Solarenergie eegent?

Am Solarkadaster vum Geoportail (<https://map.geoportail.lu/theme/energie>) kënnt Dir Är Adress aginn. Da klickt an der lénker Fënster ënner „énergie solaire“ op „potentiel solaire“.



Réidener Energieatelier
43, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 28 33 44
info@energieatelier.lu
www.energieatelier.lu



Wann Dir erazoomt, gesitt Dir verschidde Faarwen, déi lech d'Potenzial vun Ärem Daach faarflech duerstellen: wat méi donkelrout / orange wat d'Potenzial méi héich ass, wat méi blo/giel, wat et méi schlecht ass.

Wann Dir op Ären Daach klickt, hutt Dir d'Méiglechkeet eng Rentabilitätsrechnung ze maachen.

Natierlech kënt Dir och eng gratis Berodung bei eis am Energieatelier ufroen. Mir komme bei lech heem a rechnen lech d'Potenzial, d'Käschten an d'Rentabilitéit aus. Fir ee RDV, mellt lech gäre bei eis (Tel. 28 33 44 – info@energieatelier.lu).

Däerf ech mäi produzierte Strom och selwer notzen?

Jo, säit d'Prosumer-Gesetz (Producer-Consumer) am Februar 2021 a Kraaft getrueden ass, däerfs Du däi Strom selwer notzen.

Du kanns och de Gros vun Denger Produktioun selwer notzen a nëmmen den lwwerschoss an d'Netz aspeisen a fir deen Deel den Tarif bezuelt kréien.

Wéinst dem Präisvirdeel*, mécht et Sënn esouvill wéi méiglech säin eegene Strom ze notzen. Wat den Tarif d'Injection mat de Jore méi erof geet, wat d'Eegenotzung ëmmer méi Sënn mécht.

Wanns Du Däi Strom komplett selwer notz an op den Tarif d'Injection verzichts, kriss Du ee Subside vu 50% um Nettobetrag vun Denger Anlag, mat engem Maximum vun 1.250 € pro kWp. Den lwwerschoss gëtt mam Marchéspräis remuneréiert.

Wou däerf eng Photovoltaik-Anlag montéiert ginn?

Fir di staatlech Bähëllef ze kréien, muss d'Installatioun op enger „Surface imperméable“ montéiert sinn, dat heescht eng versigelt Fläch wéi een Daach, bewunnt oder net, eng Fassad, ee Carport, eng Fabrik, ee groussen Akafszentrum...

Bei der Eegenotzung wier et gutt de produzierte Strom kënne bis owes, wa vill Energie doheem gebraucht gëtt, ze späicheren. Wéi gesäit et mat de Batterie-Systemer aus? Kréien ech och do finanziell Hëllef?

Et ginn ëmmer méi Hiersteller, déi Batteriesystemer op de Maart bréngen an d'Nofro wisst och stänneg. An Däitschland gëtt bal all nei Fotovoltaik-Anlag mat Batterie gebaut well de Präisënnerscheed (Verkauf / Akaf) esou grouss ass. Bei eisen däitschen Nopere kascht de Strom nämlech vill méi wéi bei eis a si kréien ee vill méi niddregen Tarif d'Injection.

Aktuell kritt Dir zu Lëtzebuerg nëmmen eng Primm vum Fonds Nova naturstrom vun 10% mat engem Plafong vun 1000 €.

Bei der Produktioun vu Lithium-Ionen-Batterien héiert een oft, dass et zu Mänscherechtsverletzungen an Ëmweltzerstéierung kënt ...

Lithium a Kobalt sinn net ganz onbedenklech, genau esou wéineg wéi Gas a Pétrol. Lithium a Kobalt ginn awer säit Joerzéngte fir vill aner Zwecker genotzt, an dat huet bis viru kuerzem ni ee gestéiert.

**Op clever-solar.lu
fannt Dir och nach
eng Heedewull un
Informatiounen iwwer
d'Solarenergie.**

* Du kriss een Tarif vu 0,15 €/kWh wann's Du Däi Strom verkeefs, Du muss awer 0,20 €/kWh fir de kaafte Strom aus dem Netz bezuelen.



**Op clever-solar.lu
fannt Dir och nach
eng Heedewull un
Informatiounen iwwer
d'Solarenergie.**

Am stationäre Beräich (also fir doheem) ginn et Alternative wéi zB Salz batterien.

Ech sinn iwwerzeegt, dass di aktuell Situat ioun an der Ukrain wäert d'Entwécklung vu Batterien a vun der Wand- a Solarenergie beschleunegen. D'Fuerschung sicht ganz intensiv no aner Batterietechniken, déi keng bedenklech Materialien enthalten.

Muss ech di Suen, déi ech vun Enovos fir de Verkaf vu mengem Strom kréien, op menger Steiererklärung deklaréieren?

Wann Deng Anlag méi grouss ass wéi 10 kWp, da muss Du Däin Akommes deklaréieren. Dës Gréisst entsprécht normalerweis engem Eefamilljenhaus an d'Steieramt schwätzt an deem Fall vun enger „Installation amateur“.

Thermesch Solaranlage produziéiert Waarmwaasser (Dusch, Lavabo) a kënnen och als Ënnerstëtzung fir d'Heizung benotzt ginn. Gëtt dës Energie net grad da gebraucht, wa keng Sonn do bausse schéngt, also am Wanter?

Wann ee bedenkt, dass eng Masuttsheizung de Summer réng fir d'Waarmwaasser-Produktioun ca 500-800 Liter Masutt brauch (also ronn 25% vum Joresverbrauch), da liicht engem séier an, dass eng Solar-Léisung Sënn mécht. Dëst ëm sou méi wann een d'Primme vum Staat, der Gemeng an Enoprimes mat betruecht. Eng Solarthermie mat Heizungsënnerstët-

zung bréngt och nach vill Hëtzt am Fréijoer an Hierscht.

Wat kaschten thermesch Solaranlagen a wat fir finanziell Hëllef kréien ech?

Eng thermesch Solaranlag fir Waarmwaasser mat 2 Kollektore kascht ronn 8.000-10.000 € an eng mat Heizungsënnerstëtzung 12.000-15.000 €. D'Primmen (staatlech + kommunal) decke ronn 50% vum Präis.

Wat bitt den Energieatelier eise Bierger am Beräich vun der Solarenergie un?

Den Energieatelier bitt de Bierger aus dem Kanton Réiden eng gratis an neutral Berodung doheem un. Mir freeën eis lech bei der Sich no der richteger Léisung ze hëllefen.



Réidener Energieatelier
43, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 28 33 44
info@energieatelier.lu
www.energieatelier.lu



Ech verloune solidaresch!

WAT FIR VIRDEELER HUET DE PROPRIETAIRE WANN HIEN SENG WUNNENG IWWERT DE SERVICE HAUSCARE VERLOUNT?

De Loyer ass duerch déi 10 Membergemengen vum Kanton Réiden, déi hannert dem Projet HausCaRe stinn all Mount garantéiert esouguer wann d'Wunneng géif eng kuerz Zäit eidelstoen.

WAT GESCHITT WANN DE PROPRIETAIRE SENG WUNNENG SELWER BRAUCH?

De Propriétaire a seng Famill huet ëmmer Urecht un senger Wunneng falls hien déi fir sech brauch. An deem Fall kritt de Propriétaire seng Wunneng bei der Echéance zréck an déi aktuell Benéfiarë ginn dann an eng aner Wunneng ënnerbruecht

STEIERLECH VIRDEELER?

Als Propriétaire kënt Dir vun engem steierleche Virdeel vu bis zu 50% um Bénéfice net locatif (Reforme fiscale 2017 – Art. 115/22a) profitéieren. Dëst kann dann zum Deel déi Partie vum Loyer, deen Dir manner erakritt, kompenséieren. (De Loyer ass hei 30 bis 40% méi niddreg wéi um private Immobilien-Marché).

WAT GESCHITT WANN EPPES AN DER WUNNENG FUTTI GEET?

Den HausCaRe garantéiert d'Reparatur vun allen eventuelle Schied, déi duerch d'Benéfiarë verursacht ginn. Des Weideren kënnen während der Locatioun kléng Aarbëchten vun eis iwwerholl ginn.

BEGLEEDUNG VUM LOCATAIRE?

De Locataire gëtt déi ganzen Zäit vum Office Social OsCare vum Kanton Réiden begleet.



ART & WISE

NACH FROEN? Kontaktéiert HausCaRe

Mahowald Monique . T 28334-120 / 621 887 941 . monique.mahowald@kanton-reiden.lu

HausCaRe . 11, Grand-Rue . L-8510 Réiden . Méindes bis Freides 9-13 Auer
Ee Projet vum Kanton Réiden an hiere Membergemengen.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

Le lotissement du futur à Schwebach - Commune de Saeul

Solar Community Schwebach 16 maisons à énergie positive

Plus important que jamais: 80% de la consommation énergétique produite par l'énergie solaire sur place.
80% moins de dépendance de l'importation d'énergie et de hausses des prix.

Vente terrains
par la Commune

Construction C2C et
matériaux écologiques

Réalisation et exploitation
des infrastructures par la
Communauté Énergétique
des acquéreurs

Quartier sans voitures



La Commune de Saeul réalise un projet innovant respectant au maximum les critères du pacte climat et responsabilisant en ce sens les futurs habitants de ce lotissement. Les matériaux utilisés pour les constructions sont d'une qualité écologique élevée et assurent un confort d'habitation agréable tout en respectant de hauts standards d'isolation. Le concept énergétique recourant au maximum à des sources d'énergies renouvelables locales respectera le cadre légal d'une communauté énergétique. Les parcelles sont directement vendues par le propriétaire actuel - la Commune de Saeul - aux intéressés en tant que terrain bâtissable avant réalisation des infrastructures.

Planning

- > La construction des premières maisons débutera en octobre 2022. Les travaux d'infrastructures sont en cours.

Avantages

- > Rapport prix/qualité favorable des immeubles
- > La coopérative appartient et est administrée par les propriétaires
- > Coût de revient énergie intéressant:
 - Haut degré d'autoconsommation de l'énergie produite (jusqu'à 80%, en fonction de la base de consommation fixée pour les simulations)
 - Confort d'utilisation élevé
 - Pas d'énergie fossile dans le lotissement
 - 100% conforme à la nouvelle loi des 'energy communities'

Concept général

La société coopérative, Solar Community Schwebach, structure commune appartenant à tous les propriétaires, réalise et finance toutes les infrastructures du lotissement, y compris énergétiques.

Elle gère et exploite l'infrastructure énergétique commune (pompes à chaleur, photovoltaïque, batterie) et organise le partage, l'achat/vente de la chaleur et de l'électricité au bénéfice des propriétaires.

Construction des maisons

Afin d'optimiser la réalisation et le coût des maisons, la coopérative a désigné sur base d'appel d'offres les entreprises auxquelles



sera confiée la construction des maisons. L'acquéreur signe un contrat de louage d'ouvrage avec ces entreprises en parallèle à l'achat du terrain.

Quartier sans voitures

La proximité du Park&Ride desservi par les lignes de transport en commun prioritaire a engendré l'organisation du lotissement sans circulation automobile. L'espace public devient zone de rencontre au bénéfice des piétons et enfants.

Chaque ménage dispose d'un emplacement de parking et d'un carport à l'extérieur de la cité à maximum 100 m des maisons.

L'accès ponctuel pour livraisons est assuré.

Urbanisme

Dans la cité jardin à échelle humaine, les maisons sont groupées autour de deux placettes, reliées par le chemin central.

Les parcelles et les maisons entourées par des haies sont étudiées en fonction de la topographie et de l'exposition au soleil. Les jardins sont placés de plein pied avec les locaux de séjour des maisons.

Mission d'Energiepark Réiden

Energiepark Réiden est spécialisé dans la conception, la réalisation et la gestion de projets dans le domaine des énergies renouvelables et dans la construction écologique et a déjà réalisé une série de projets immobiliers en autoconsommation solaire. Energiepark participe à l'étude, à la réalisation et à la gestion du projet Solar Community Schwebach et est responsable pour la vente.

Objectifs:

- > construction écologique
- > très bonne relation qualité prix
- > couverture solaire élevée

Pour toute information
schwebach@energiepark.lu

Contact / Vente exclusive
Energiepark Réiden s.a.
ó, Jos Seylerstrooss
L-8522 Beckerich
T 621 153 204
schwebach@energiepark.lu
schwebach.energiepark.lu

Concept énergétique



Architecte et Urbaniste

Beng

Un projet de la Commune de Saeul dans le cadre de ses efforts pour le pacte climat.

PacteClimat
Ma commune s'engage pour le climat



Gemeng Sëll



Investéiert a Gringgo, investéiert an eng nohalteg Regioun!

D'Gringgo Visioun fir d'Regioun. Mir sinn der Iwwerzeugung, dass mir déi global Erausforderunge léise kënnen, wann sech d'Bierger zesummendinn an an hire Regiounen aktiv ginn. Gringgo investéiert an d'Regiounen, fir datt nei Betriber sech kënnen installéieren, kleng a Familljebetriber weiderhi Perspektiven hunn an Handwierksbetriber erhale bleiwen.



gringgo.lu

All Bierger ka
Kooperateur bei
Gringgo ginn!



Gringgo.lu

Eng gemeinsam nohalteg
Vermaartungsplattform

Gringgo war bis elo bekannt als Onlineshop www.gringgo.lu, eng fair, solidaresch an ökologesch Vermaartungsplattform fir d'Produiten an d'Déngschtleeschungen aus de Regiounen, eng Aart online-Oeko-Foire.

Dës Plattform férdert d'Relatiounen tëschent Produzenten a Konsumenten. Leit, déi méi bewosst wëlle konsuméieren, hunn hei d'Méiglechkeet sech z'informéieren, sech z'orientéieren an och direkt anzekafen. Ausserdeem kann d'Veermaartungsplattform fir d'Produiten an d'Déngschtleeschungen och vun Associatiounen, Kooperativen a Veräiner genotzt ginn.



Geférdert gëtt virop eng gesond nohalteg Entwécklung vun engem regionale stabillen Netzwierk tëscht Produktioun, Handel a Verbraucher. Dëst mécht eis Regiounen fit fir eng liewenswäert Zukunft.

Gringgo, eng „Regionalwert AG“ fir ganz Lëtzebuerg!

Op d'Pionéieraarbecht an déi geliefte Philosophie am Kanton Réiden opbauend, gëtt iwwer Gringgo den an Däitschland bewäerte Modell vun der „Regionalwert AG“ zu Lëtzebuerg ëmgesat, dat mat der finanzieller Ënerstëtzung vu Leader Atert-Wark an dem Ëmweltministère. De Prinzip „Regionalwert AG“ ass e lokaalt solidarescht Investitiounsinstrument a Form vun enger Bierger-Kooperativ.

D'Ziler sinn d'Stärkung vun der nohalteger regionaler Ekonomie an d'Schafe vun engem gesellschaftleche Méiwäert op eng fair, ökologesch a participativ Manéier.

Investéiert och Dir a regional Biergerparten!

Iwwert eng oder méi Parten (200 €/Part) kann een sech u Gringgo s.c. bedeelegen an esou och un nohaltege Projete vun Entrepreneuren aus de Regiounen vum Land. Dës Projete ginn opgrond vun ekonomeschen, ökologeschen a soziale Krittere vu Gringgo ugeholl. Als Kooperateur ass ee mat de regionale Betriber vernetzt a profitéiert doduerch finanziell an och a sengem Alldag vum zukünftege wirtschaftlechen Erfolleg vun der regionaler nohalteger Wirtschaft.

Wëllt Dir méi gewuer ginn an investéieren da mell Iech bei:


Gringgo s.c.
6, Jos Seylerstrooss
L-8522 Beckerich
T 671 025 650
info@gringgo.lu
www.gringgo.lu



Fonds européen agricole pour le développement rural: l'Europe investit dans les zones rurales.

Wéi ka Gringgo Invest hëllefen?

Beispill vun der Néiesch, déi investéiere muss.



1



D'Madamm Zwier ass Néiesch a wëllt vun elo un just nach Naturstoffer verschaffen. Allerdéngs sinn dës Stoffer méi fest an deck an hier al Bitzmaschinn packt dat net. Sou bal d'Madamm Zwier méi Schichte Stoff wëll bitzen, brécht d'Nol oder d'Nout gëtt schlecht. Dat ass net déi Qualitéit, déi si liwwere wëll.

Dëst ass frustréierend well se gutt nohalteg Produkter wëll verkafen. Also muss eng nei Bitzmaschinn oder eng Occasions hier. Ma am Moment ass kee Geld dofir do.

2



D'Madamm Zwier went sech u Gringgo mat dësem Problem an zesumme mat den Experten analyséieren se wat déi beschte Finanzéierungsméiglechkeet ass.


Gringgo préift ob de Projet d'Gringgo Krittäre vun Nohaltegkeet erfëllt a schléit eng Léisung vir.



4



Gringgo hëlleft realitéitsno mat sengem Netzwierk. Sou huet d'Madamm Zwier och nach en aneren Notze vun der Zesummenaarbecht. Esou huet se net nëmmen eng besser Bitzmaschinn ma och en neit Geschäft fonnt, déi hir Kleeder verkeeft, ma och e Fotograf, deen hir Kollektioun an dat richtegt Liicht setzt.



5



D'Madamm Zwier ass en neie Member am Gringgo Netzwierk a kann esou och hiren Deel zu enger nohalteger Kreeslafwirtschaft bäidroen an där déi sozial ökologesch Aspekter am Virdergrond stinn.



Gringgo Invest

Finanziell Ënnerstëtzung fir Är nohalteg Projeten

Dir plangt

- en neie Betrib ze grënnen oder z'iwwerhuelen,
- e Produkt z'entwéckelen, ze produzéieren oder eng Déngschtleeschung unzebidden ?
- Dir wëllt mat Ärer Entreprise an engem staarke Reseau vun nohaltege Betriber Member ginn an doduerch och nach nobausse méi visibel ginn?

Da gitt Deel vum regionalen Netzwierk Gringgo!

Entsprécht Äre Projet de Gringgo-Krittäre vun Nohaltegkeet a vu sozial-ökologesche Richtlinnen, da siche mir zesummen no der beschter a flexibelster Léisung fir dran z'investéieren. Dat kann iwver d'Ofséhere vun engem Prêt, d'Kafe vu Parten, d'Iwwerhuele vun enger Pacht bis zu enger Garantie bancaire goen.

3



Vun de Suen déi d'Kooperateure wëllen a Projeten investéiere gouf eng Occasions-Bitzmaschinn kaf, déi dës Stëfter ouni Problem bitzt. Madamm Zwier bezilt an de nächste Joren dës Suen zeréck u Gringgo.



Gringgo, eng „Regionalwert AG“ fir ganz Lëtzebuerg!

D'Ziler sinn d'Stärkung vun der regionaler Ekonomie an d'Schafe vun engem gesellschaftleche Méiwäert op eng fair, nohalteg a participativ Manéier.

Iwwert eng oder méi Parten (200 €/Part) kann een sech u Gringgo s.c. bedeelegen an esou och un nohaltege Projete vun Entreprises aus de Regiounen vum Land. Dës Projete ginn opgrond vun ekonomeschen, ökologeschen a soziale Krittäre vu Gringgo ugeholl. Als Kooperateur ass ee mat de regionale Betriber vernetzt a profitéiert doduerch finanziell an och a sengem Alldag vum zukünftige wirtschaftlechen Erfolleg vun der regionaler nohalteger Wirtschaft.

Investéiert
och Dir a
Biergerparten!



GEWËNN MAT SËNN
Gringgo



KANTON
REIDEN

Gringgo s.c.
6, Jos Seylerstrooss
L-8522 Beckerich
T 671 025 650
E info@gringgo.lu

www.gringgo.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Fonds européen agricole pour le développement rural: l'Europe investit dans les zones rurales.

Grënnung vun enger Bierger-Energie-Kooperativ am Kanton Réiden



Info-Versammlung fir all Bierger aus dem Kanton Réiden

Wéini

Mëttwochs, 1. Juni 2022
19:30-21:00 Auer

Wou

Centre Culturel
Camille Ney
40, Haaptstrooss
L-8530 Ell

Agenda

Virstellung vun der "Energie-Kooperativ Kanton Réiden", Statuten, Photovoltaik-Projekten, Bedeelegungsmodell, Oflaf, Froen & Äntwerten

Umeldung

Bis den 29. Mee ënner
info@kanton-reiden.lu

De Syndikat vum Kanton Réiden huet zesumme mat sengen 10 Member-Gemenge wëlles eng Energie-Kooperativ an d'Liewen ze ruffen, wou d'Bierger aus dem Kanton Réiden an erneierbar Energie kënnen investéieren.

Wat ass eng Bierger-Energie-Kooperativ?

Dës Kooperative soll méiglechst vill Bierger zesumme kréien, déi gewëllt sinn hier Suen an nei a nohalteg Energieproduktionsanlagen z' investéieren. Dëst sinn haaptsächlech Photovoltaikanlagen, déi op Diecher vu kommunale Gebaier am Kanton Réiden opgeriicht ginn.

D'Kooperative kann och a Projete vun aner Anlage mat erneierbaren Energien investéieren, déi zB mat Biomass, Wand oder Holz bedriwwen ginn.

Wat ass Zil vun der Bierger-Energie-Kooperativ?

D'Zil ass et fir di lokal an ekologesch Energieproduktioun ze erhéijen, manner ofhängeg ze sinn an de Bierger d'Méiglechkeet ze ginn sech un dëser Produktioun finanziell ze bedeelegen. Also kuerz: eng aktiv Biergerbedeelegung bei der lokaler Energietransitioun.

Ween däerf investéieren?

All Persoun physique (also keng Firma oder Veräin), déi Resident an enge vun den 10 Gemengen aus dem Kanton Réiden ass, däerf eng oder méi Parte kafen an esou Coopérateur ginn.

Wat kascht eng Part a wéi eng Rendite ass ze erwaarden?

De Präis vun enger Part ass 250€, et däerf een och méi Aktie kafen. De Wäert vun all den Aktie vun enger Persoun däerf net iwwer 15% vum Gesamtkapital leien.

Di erwaarte Rendite wäert jee no Joer tëschent 3 a 6% leien.

Et ginn och Kandidat gesicht fir an de Conseil d'Administration (CA) vun der Energie-Kooperative. Wat sinn d'Konditionen fir do Member ze ginn?

- Interesséiert an Zäit hunn
- Mind. 18 Joer
- Et muss ee Coopérateur vun der Energiekooperative sinn, also op mannst 1 Part hunn.
- Et muss ee bei der Assemblée Générale vun de Coopérateure gewielt ginn.

Wat sinn di nächst Etappen?

Mëttwochs owes, den 1. Juni fënnt eis éischt Info-Versammlung zu Ell am Centre Culturel statt. Uschléissend ginn di interesséiert Bierger kontaktéiert, déi sech manifestéiert hunn (iwwert de Formulaire ënnendrénnen oder an der Info-Versammlung). Bei der Assemblée Générale wäerten d'Statute gestëmmt an d'Membere vum CA gewielt ginn.

Ginn et scho konkret Projete fir nei Photovoltaik-Anlagen z'installéieren?

Et si konkret Projeten an de Gemengen Ell, Préizerdau an Uselding am gaangen ausgeschafft ze ginn. Bei all neiem Projet wäert een neien Appel à Capital lancéiert ginn.

Sidd Dir un der Bierger-Energie-Kooperativ interesséiert?

Kommt op eisen Info-Owend oder schéckt eis w.e.g. den ausgefüllte Formulaire op (virum 1.06): Syndicat Intercommunal Kanton Réiden 11, Grand-Rue - L-8510 Redange oder info@kanton-reiden.lu



Syndicat Intercommunal Kanton Réiden

11, Grand-Rue
L-8510 Redange
T 28 33 40-10
info@kanton-reiden.lu
www.kanton-reiden.lu

Création d'une coopérative citoyenne d'énergie au Canton de Redange

Le canton de Redange, avec ses 10 communes membres, a l'intention de créer une coopérative d'énergie où les citoyens du canton de Redange pourront investir dans les énergies renouvelables.

Qu'est-ce qu'une coopérative d'énergie ?

Une coopérative rassemble autant de citoyens que possible prêts à investir leur argent dans de nouvelles installations de production d'énergie renouvelable. Dans un premier temps, ce sont principalement des installations photovoltaïques qui sont érigées sur les toits des bâtiments communaux situés dans le canton de Redange.

La coopérative peut également investir dans des projets d'autres centrales d'énergies renouvelables, alimentées par exemple par la biomasse, le vent ou le bois.

Quel est l'objectif de la coopérative d'énergie ?

L'objectif est d'augmenter la production d'énergie locale et écologique, d'être ainsi moins dépendant et de donner aux citoyens la possibilité de contribuer financièrement à cette production. En bref : une participation active des citoyens dans la transition énergétique locale.

Qui peut investir ?

Toute personne physique (sociétés exclues) domiciliée dans l'une des 10 communes du canton peut acheter une ou plusieurs parts et devenir ainsi coopérateur.

Combien coûte une pièce et quel est le rendement attendu ?

Le prix d'une part est de 250 €, vous pouvez également acheter plusieurs parts. La valeur de toutes les actions d'une personne ne doit pas dépasser 15% du capital total. Le rendement attendu sera compris entre 3 et 6 % chaque année.

Nous recherchons également des candidats pour le conseil d'administration de la coopérative d'énergie. Quelles sont les conditions ici ?

- Avoir de l'intérêt et du temps pour investir davantage
- Minimum 18 ans
- La personne doit être coopérateur de la coopérative d'énergie, c'est-à-dire avoir au moins 1 part.
- La personne doit être élue lors de l'Assemblée Générale de la Coopérative.

Quelles sont les prochaines étapes ?

Notre première réunion d'information aura lieu le mercredi 1er juin au Centre Culturel d'Eil. Par la suite, les citoyens intéressés ayant manifesté leur intérêt seront contactés. Lors de l'Assemblée Générale, les statuts seront votés et les membres du CA seront élus.

Existe-t-il des projets concrets déjà en place pour installer de nouveaux systèmes photovoltaïques ?

Des projets concrets sont en cours d'élaboration, notamment dans les communes d'Eil, Préizerdaul et Useldange. A chaque nouveau projet, un nouvel appel à capitaux sera lancé.

Réunion d'information pour tous les résidents du Canton de Redange

Quand

Mercredi, 1er juin 2022
19h30-21h00

Où

Centre Culturel
Camille Ney
40, Haaptstrooss
L-8530 Eil

Thème

Présentation de la Coopérative énergétique du Canton de Redange, Statuts, projets photovoltaïques en cours, procédure, questions & réponses

Inscription

jusqu'au 29 mai par mail :
info@kanton-reiden.lu

Le projet d'une coopérative citoyenne d'énergie vous intéresse ?

Alors venez à la réunion ou envoyez-nous svp le formulaire ci dessous (avant le 1.06):
Syndicat Intercommunal
Kanton Réiden
11, Grand-Rue
L-8510 Redange
ou info@kanton-reiden.lu

Manifestation d'intérêt - Bierger-Energie-Kooperative Kanton Réiden Manifestation d'intérêt - Coopérative énergétique Kanton Réiden

Ech wëll investéieren an eng aktiv Roll iwwerhuelen (Kandidat fir de Conseil d'Administration)
Je souhaite investir et jouer un rôle actif (Candidat au Conseil d'administration)

Ech wëll nëmmen investéieren (Coopérateur).
Je souhaite investir (coopérateur).

Ech wees et nach net, wëll awer a Kontakt bleiwen.
Je ne sais pas encore, mais je souhaite rester en contact.

